



N°5831
Reçue le 28.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 28.02.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/02/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Duerch d'Pandemie huet den Télétravail ganz nei Ausmoossen ugeholl. Esou hunn och d'Enseignantë méi op dësen Outil missten zrëckgräifen, an daat virun allem a Wochen, wou Homeschooling misst gemaach ginn, wéi z. B. am Februar d'lescht Joer. Dofir hat ech dem Minister eng Fro (n°5505) zum Material iwwert den Télétravail am Enseignement gestallt. An der Äntwert huet de Minister erkläert:

"Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 5137 erkläert, ass et den Enseignanten, déi an den ëffentleche Grondschoulen intervenéieren, méiglech, bei der Realisatioun souwuel vun de schouleschen Aktivitéite wéi och vum "Enseignement à distance", op dat informatesch Material zeréckzegräifen, dat hinnen an de Schoulen zur Verfügung steet. Dëst gëllt och fir den Enseignement secondaire: D'Lycéeën hu genuch Material, dat si den Enseignanten zur Verfügung stelle kënnen. Ausserdeem gëtt et am Enseignement secondaire de Programm "IT for Teachers" (IT4T), deen eng Mise à disposition vun iPads oder Laptoppe fir d'Enseignantë virgesäit."

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:


1. Wéi vill Computere sinn an de Lycéeën installéiert? Wéi vill Prozent heivu si PCen a wéi vill Prozent si Laptoppen, déi d'Personal ka mat Heem huelen?
2. Wéi vill Laptoppen an Ipade goufen an deene leschten 2 Joer iwwert den IT4T Programm un d'Proffen ausgeléint?
3. Wat fir Net-elektronesch Material kënnen d'Proffen an de Lycéeën zur Verfügung gestallt kréien (Bicher, Kaarten, Konschtmateriel, ect.) ?
4. Wat fir Material gëtt an den Ae vum Minister am meeschte vun de Proffe gebraucht, fir d'Preparatioun fir d'Coursen doheem?
5. Am Fall vun der Ofsetzung vu Material esou wéi der Stroum- an Heizrechnung fir den Télétravail iwwert d'Steier ginn et verschidden Ongläichheeten. Esou dierfe



www.piraten.lu

Persounen nëmme Material ofsetzen, wann se Proprietär vun hirem doheem sinn, an ee Raum just fir d'Aarbecht hunn, an d'Material exklusiv fir d'Aarbecht benotzen. Wéi steet de Minister zur Iddi, dass all d'Material, dat een Enseignant brauch fir seng Aarbecht a wat en net vum Lycée oder dem Ministère gestallt kritt, vun de Steiere kann ofgesat ginn, och wann déi uewe genannte Konditiounen net erfëllt sinn?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc

Député



www.piraten.lu



Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, an der Finanzministesch, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5831 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen

Ad 1)

Fir pedagogesch Zwecker sinn 11.762 PCen a 7.146 Laptoppen an de Lycéeën installéiert ginn. Dës sinn net geduecht, fir mat heem geholl ze ginn.

Ad 2)

Zuel vun iPads a Laptoppen, déi iwwert den IT4T-Programm ausgeléint goufen:

2020	iPads: 952 Laptoppen: 3
2021	iPads: 729 Laptoppen: 14
2022	iPads: 514 Laptoppen: 99

Ad 3) a 4)

Sämtlecht Material, dat vun de Schoulen ugeschaf gouf, kann den Enseignanten zur Verfügung gestallt ginn. Dorënner ass an der Reegel awer net ze verstoen, datt d'Enseignanten dëst Material kënnen mat heem huelen; et ass éischter fir d'Preparatioun vun de Coursë geduecht, déi si an der Schoul realiséieren. Dobäi kann et sech ëm all méiglech Zorte vu Material handeln, vu Bicher iwwer Kaarte bis hin zum Modell vum mënschleche Skelett oder dem Terrarium an der Biologie. Et schéngt datt déi elektronesch Medie bei der Preparatioun vun de Coursen doheem ëmmer méi heefeg agesat ginn.

Ad 5)

Mir verweisen hei op d'Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nr. 5505; d'Regierung ass der Meenung, datt den aktuelle steierleche Kader kloer, gerecht a kohärent ass. Et ass duerfir net ugeduecht, déi steierlech Dispositiounen ze änneren.

Lëtzebuerg, de 4. Abrëll 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH